

*Pressematdeelung vum 8. Juni 2022*

An zwee Fäll ass d'Lëtzebuenger Regierung elo erwëscht ginn, dass si Fuerscher wollt monddout maachen, déi hir Aarbecht kritiséiert hunn. E franséische Fuerscher hat sech dogéint gewiert, wéi seng Recherche vum gréngen Ëmweltministère mësbrauch goufen, fir d'Fuussejuegd ze verbidden. E jonke Lëtzebuenger Fuerscher huet laut Zeien op Drock vun der Regierung, vum sozialisteschen Député-Maire vun Diddeleng a vun der LSAP seng Plaz verluer. Hien hat sech gewonnert, dass Lëtzebuerg keng Héichwaasserwarnung ginn hat, obwuel vun europäescher Säit dëst ugekënnegt gi war. Am éischte Fall ass den Drock esouguer schrëftlech dokumentéiert mat E-Mailer vun engem héije Beamten aus dem Ëmweltministère.

D'Meenungsfräiheet ass a westlechen Demokratie mat dee wichtegste Prinzip. A Form vun der Wëssenschaftsfräiheet gëllt dee Prinzip och an der Fuerschung. Fuerschung ass net do, fir Regierungspolitik ze confirméieren, mee fir Léisungen an Erklärungen ze fannen, och wann dës enger Regierung net passen. Eng politesch gesteiert, zensuréiert oder mësbrauchte Fuerschung daacht näischt.

Nu wär et naiv ze mengen, dass Fuerschung am Elfenbeintuerm leeft. Vill Sue fir d'Fuerschung komme vu Staat a Regierung, oder deenen hir Vertrauensleit decidéiere mat iwuer Fuerschungssachsen an d'Verdeelung vun de Suen. Start-upen, déi aus der Fuerschung kommen, hänken u Staatsuen an u staatlechen Opträg. Zu Lëtzebuerg nach méi wéi an aner Länner, well hei privat finanzéiert Fuerschung méi rar ass. An och d'Uni Lëtzebuerg huet et schwéier, fir eegen Akzenter ze setzen. Och si hänkt of vu Staatsgelder an ass enk an eng dirigéiert Fuerschungspolitik mat exklusive Prioritéiten agebonnen.

Emsou méi verantwortungsvoll muss de Staat mat der Fräiheet vun der Fuerschung ëmgoen. Wéi knallhaart a récksiichtslos dës Regierung awer mat de Wëssenschaftler ëmgeet kann engem Angscht maachen. A béide genannte Fäll ass et ëm déi wirtschaftlech Existenz vun Fuerscher gaangen, a Frankräich ouni Konsequenze fir de Mann, zu Lëtzebuerg leider awer net. De betraffene Wëssenschaftler huet net nëmme seng Aarbecht verluer, mee hien hätt op en Hoer och nach misste säin Dokter-Studium ofbriechen, wa seng Universitét him net entgéint komm wär.

A béide Fäll haten d'Fuerscher recht. Vu franséischer Säit war et emol keen déiwen Desaccord. De franséische Fuerscher huet just gewarnt, politikwierksam Conclusiounen ze zéien, ouni nach méi déif a méi laangfristeg Ënnersichunge vun der Fuussepopulatioun. Dat huet net an d'politesch Agenda vum Ëmweltministère gepasst, deen dorops seng berufflech Qualifikatioun a Fro gestallt huet. An och de Lëtzebuenger Fuerscher hat recht fir déi spéit Reaktioun vun Banneministere an der Héichwaasserkatatstrof ze kritiséieren. Ganz schwach war deem seng Rechtfäerdigung, dass europäesch Warnungen net ëmmer fir all Land gëlteg sinn. Well an dësem Fall ware si et, a Lëtzebuerg hätt vill besser preparéiert kéinte sinn, wann si eescht geholl gi wäeren.

Kann een dës Regierung nach trauen, wa si sech op Fuerschungsergebnisser berufft? Wéi fräi si Fuerschung a Wëssenschaft nach hei am Land? D'ADR fuerdert eng integral Opklärung vun allen Ëmstänn, déi zu der Entloosung vun deem jonke Wëssenschaftler gefouert hunn, a politesch Konsequenzen fir all Politiker, dee sech der Wëssenschaftsbehënnerung schëlleg gemaach huet. Dës Regierung weist ëmmer méi dat si e repressiven an anti-demokratesche Geescht vertritt!

Matgedeelt vun der ADR

ADR - Groupe parlementaire

25, Ënneschtgaass

L-2240 Luxembourg

Tel. : (+ 352) 463742

ADR - Parti politique

11, Biirkelter Strooss

L-6552 Bärtreff

Tel.: (+352) 2620 3706